# LES AMIS DE LA MUSIQUE MILITAIRE

Association sans but lucratif, fondée en 1997- Membre de l'Union Grand-Duc Adolphe

**En avant ... marche !**

Bulletin no 52
02/2024


# Concert de Bienfaisance am Stater Conservatoire - a vun Helden an Alldeeglechem



(Photo : Eric Engel)

A Presenz vun de Ministere vun der Défense, vun der Santé a Sécurité sociale a vun der Kultur, Yuriko Backes, Martine Deprez an Eric Thill, vu ville Memberen aus dem Schëffen- a Gemengerot vun der Haaptstad, vun Deputéierten aus der Chamber, vun Ambassadeuren a Militär-Attachéeën, vum Chef d'État-major adjoint vun der Arméi Colonel Pascal Ballinger begleet vun Offizéier an Ënneroffizéier, vu Vertrieder aus dem CA an der Direktioun vun der Stëmm vun der Strooss, vum President Josy Lorent an de Memberen aus dem Verwaltungsrot a vum Büro vun onser Asbl, huet d'Militärmusek ënnert der Leedung vun hirem Chefdirigent Jean-Claude Braun den 31.Januar 2024 e Beneficeconcert am Stater Conservatoire gespillt. Wéi schonn déi Jore virdrun, war och dëse Concert organiséiert vun der Stad Lëtzebuerg an hieren Conservatoire, vun der Arméi zesumme mat de Frënn vun der Militärmusek,des Kéier fir „d'Stëmm vun der Strooss asbl".

*(Fortsetzung Säit 2)*





*D'AdjMaj Romy Werner huet duerch de musikalesche Programm gefouert.*





## D'Stagiären

Och des Kéier waren erëm 16 Stagiairen aus den dräi Conservatoires de musique vu Lëtzebuerg, Esch an aus dem Norden beim Concert dobäi, nodeem si wärend véier Deeg mat der Militärmusek zesumme geprouft hunn. Op hirem Programm stoung ënner anerem eng Visitt vum Härebierg mat engem fräiwëllege Sportstest. A mat e wéineg Chance sëtzt deen een oder anere jo vläicht an e puer Joer mat sengem Instrument an der richteger Uniform am Orchester.

Déi motivéiert Stagiairen hunn nom Concert natierlech och hire wuelverdéngten Certificat aus den Hänn vu Vertrieder vun der Arméi a vun de Frënn vun der Militärmusek iwwerreecht kritt.

## Aus Al gëtt Nei

Sou änlech huet de Concert ugefaang. D'Stéck „Millenium Canons" vum amerikanesche Komponist Kevin Puts, beschreift eppes Neies, nämlech den IwwerganK an en neit Joerdausend, vun de grousse

*(Fortsetzung Säit 3)*









*(Fortsetzung vun der Säit 2)*

Meeschteren aus der Vergaangenheet bis zu den neie Kompositiounen aus der Géigewaart. Als Virlag déngt dem Johann Sebastian Bach seng Virléift fir de Kanon an de Kontrapunkt. D'Stéck mat senge breede Klangteppecher a villen déiwe, waarme Kläng ass positiv ugehaucht.

Mam „Thill Eulenspiegel" vum Richard Strauss (1864 – 1949) ass eis Fantasie ugereegt ginn a méiglecherweis Erënnerungen un déi eege Kandheet a Jugendzäit mat eise ville Spiichten. D'Bléiser waren hei uerdentlech gefuerdert an hu

*(Fortsetzung Säit 4)*







*(Schluss vun der vun der Säit 3)*

mat Kloerheet a Präzisioun iwwerzeegt. D'Versioun fir Blosmusek ass iwwregens en Arrangement vum André Reichling, dem fréieren Dirigent vun der Militärmusek (1956 – 2020).

Och d'Kompositioun „Lucilinburhuc, the Old Fortress of Luxembourg" vum Georges Sadeler ass e Bléck zréck an d'Vergaangenheet. Et geet dem wäit iwwert d'Grenzen eraus bekannte Lëtzebuerger Komponist nämlech ëm d'Architektur vun der Festung, déi jo scho virun iwwer 1000 Joer gebaut gouf. Stralend Fanfaren, rhythmesch Ofwiesslung a patriotesch Melodië sinn an dësem Stéck ze héieren. An der Originalversioun fir Sinfonieorchester (déi um Nationalfeierdag 2023 eng éischte Kéier gespillt ginn ass) fungéiert e Chouer, dee bei dësem Concert duerch d'SgtCh Stéphanie Schlink als Sopranistin mat vill Häerz ersat gouf.

Um Programm stoung och „Blue Shades" vum amerikanesche Komponist Frank Ticheli. Säi Stéck ass um Blues an Jazz orientéiert. D'Stéck erënnert och un de Benny Goodman, de berühmte Klarinettist. D'Sgt Magaly da Silva hat hei de Solopart op der Klarinett iwwerholl. An och hir kann een nëmme soen: Bravo!

## Déi neeeeervt ...!!!

An op eemol war se do! Einfach esou, wéi aus dem Näischt. Sou wéi mer dat alleguer aus eisem Alldag kennen. Sie huet jidderee genervt, ass ëmmer méi lästeg ginn. Eenzel Museker sinn esouguer opgesprongen a hu versicht, se ze verjoen – awer ouni dee gewënschten Erfolleg! Bis schlussendlech och den Dirigent, de LtCol Jean-Claude Braun mat hir geplot war. Duerch pueren Zoufall (oder och net, wie weess) haat hien eng Méckebaatsch op sengem Pult leien a mat engem gekonnte Schlag an zum grousse Pleséier vun dem amüséierte Publikum huet hien de ganzen Orchester vun dem Béischt befreit. „The Fly" vum Oscar Navarro war eng köstlech Einlag, iwwert déi och nom Concert nach vill gelaacht gouf.

Mam „Spirit of Scotland", engem Medley vu schottesche Melodien vum Guido Rennert (*1973, Däitschland) ass dëse flotte Concert op en Enn gaangen.

De Publikum huet awer nach zwou Zugaben agefuerdert, an och déi ware richteg schmasseg: „Stars and Stripes Forever" vum John Philip Sousa a, vläicht manner bekannt, mee duerfir awer net manner flott „Let's Celebrate" vum Otto Schwarz. E brillanten Ofschloss vun engem wonnerbare Concert.

Nadine Becker

*(Photos: Section audiovisuelle de l'Armée)*













Den 8. Mäerz 2024 hunn d'Stad Lëtzebuerg esouwéi d'Vertrieder vun der Lëtzebuerger Arméi, der groussherzoglecher Militärmusek an de „Frënn vun der Militärmusek, e Scheck vun 8.588,05 € un d'Alexandra Oxacelay, Directrice vun der "Stëmm vun der Strooss", iwwerreecht. Ët war dat de Benefice vum Concert de bienfaisance vum 31. Januar 2024.

## Gitt Member bei de « Frënn vun der Militärmusek »

Recommandéiert w.e.g. äere Frënn a Bekannten, fir Member ze ginn

D'Frënn vun der Militärmusek sinn e Genre « Supporterclub »,

- deen e bësse méi speziell Concerten organiséiert,
- Solisten engagéiert,
- CDen oder DVDen produzéiert,
- der Musek déi Equipementer keeft, déi de Staat der Musek net bezillt.

Als Member huet een eng Rei vu Virdeeler :

- besser Präisser bei Concerten, déi vun der Asbl organiséiert ginn,
- d'Organisatioun vun der Rees bei Concerten am Ausland,
- e gratis CD als Cadeau um Joresenn,
- de Bulletin « En avant ... marche!» (Publikatioun 4x pro Joer),
- eng frëndschaftlech Ambiance ënner Melomanen.

**Wéi kann ech Member ginn?**

Duurch Iwwerweise vun 25,00 € op de folgende Kont vun den "Amis de la Musique militaire" mat der Mentioun « Neie Member » :

**CCPLLULL – LU19 1111 1371 3776 0000**

Besicht och eisen Internet-Site www.fvmm.lu fir déi läscht Neiegkeeten vun eiser Associatioun a vun der Militärmusek.